DEMOKRATESCH PARTEI
Chambre des Députés
Groupe Parlementaire

9, rue du St. Esprit
B.P. 510
L-2015 Luxembourg

Tel. : 22 41 84 1
Fax : 47 10 07

dp@dp.lu
www.dp.lu

Lëtzebuerg, den 19. Januar 2022

Här Fernand ETGEN
Chamberspresident
LËTZEBUERG

Här President,

Esou ewéi den Artikel 80 vum Chambersreglement et virgesäit, bieden ech Iech, dës parlamentaresch Fro un den Här Minister fir Mobilitéit an ëffentlech Aarbechten weiderzeleeden:

*„D'Traversée duerch de Préizerdaul (N12) ass an de leschte Joeren erneiert ginn. Et stellt sech elo eraus, datt en Deel vun dëser Duerchgangsstrooss am Ausgang vu Platen, eng vun den Uertschaften aus der Gemeng Préizerdaul, an engem schlechten Zoustand ass. Effektiv schéngt den Ënnergrond respektiv d'Fondatioun vun dëser Strooss plazeweis agesackt ze sinn.*

*An deem Kader wollt ech dem Här Minister fir Mobilitéit an ëffentlech Aarbechten folgend Froe stellen:*

1. *Wéini gouf de Belag an den Ënnergrond vun dësem Tronçon erneiert? Ass also nach Garantie op dësem Deel? Ass de Schued schonn estiméiert ginn?*

2. *Envisagéiert de Ministère op dësem Streckenofschnëtt Reparatur- oder Erneierungsaarbechten duerchféieren ze loossen?"*

Mat déiwem Respekt,

André BAULER
Deputéierten